

Als klengen historeschen Rappel:

Virun 5 Joer, am Joer 2013 hunn mir als Gemeng Käerjeng den Klimapakt, deen bis 2020 leeft, mam Staat ënnerschriwwen.

Virnu 3 Joer, am Dezember 2015 hate mir deen éischten Audit a sinn doropshin 2016 mat >50% Erfëllung vum Moosnamekatalog mat der zweeter Zertifikatioun ausgezechent ginn.

Ab dunn krute mir pro Joer eng finanziell Ënnerstëtzung (em déi 200 000€) fir weider un der CO₂-Reduzéierung hei an der Gemeng ze schaffen.

Fir den Kuelendioxid-Ausstouss ze bewäerten, ginn engersäits d'Energieverbräich vun eise Gemengegebaier a Gefierer all Joer enregistréiert, an anerersäits déi quantitativ Investissementer vun eise Bierger esouwuel an de Beräicher vun energetesche Sanéierung vum hiren Haiser, wéi och an Investissementer an erneierbar Energien berécksiichtegt.

An deem Kader hate mir 2016 an dësem Sall Subsiden gestëmmt, fir eis Bierger ze motivéieren matzëllefen, fir eis Klimaziler als Gemeng ze erreechen. Deemools hate mir d'Subsiden fir 3 Joer festgehalen (Januar 2016 bis elo Dezember 2018) Duerno wollte mir se nachmools op de Leescht huelen, wat elo haut um Ordre de Jour steet.

Mir wollten iech haut proposéieren, déi bestoend Subside bis 2021 ze verängeren, just bäi verschiddeenen den Taux vun der Ënnerstëtzung eropzesetzen, an bei anere e Maximum festzehalen. Bis elo hunn mir all Joer ca 75% vun den budgetiséierten Suen ausbezuelt, esou dass mir nach e besse Sutt no uewen hunn.

Dir wësst, dass mir nieft den proposéierten Subsiden och op Sensibilisatioun iwwer Flyeren, Versammlungen an aner Aktivitéiten gesat hunn. De Motto "Käerjeng goes Solar" vum leschte Joer ass Villen e Begrëff. All d'Leit, déi an eng **Photovoltaik-Anlag** investéiert hunn, kruten nachmol **50% vum staatlechen Subsid** ausbezuelt. Bei den **thermeschen Solaranlagen** waren et bis elo just 35%, wat mir elo **och op 50%** hiewe wëllen, egal ob se just fir Waarmwaasser, oder och fir Heizungsennerstëtzung agesat ginn. Dës Anlagen hëllefen de Verbrauch vun Mazout/Gas erfzesetzen, an esou manner CO₂ ze produzéieren.

D'lescht Joer huet de Staat seng Subsiden mat verschiddene Bonus ergänzt, deem mir och elo Rechnung droen wëllen. Esou kritt een en extraen Bonus, wann een eng bestoend Heizung austauscht an domadder säin Heizsystem verbessert, oder se mat enger Holzheizung oder Wärmepompe koppelt. Ähnlech ass et och wann een seng Wunneng energetesch sanéiert, d.h isoléiert. Baséierend op **LENOZ** (dat ass d'Ofkierzung vun **Lëtzebuurger Nohaltegkeets Zertifizéierung**) kritt een elo en extraen Oekobonus vum Staat, wann een nohalteg Materialien gebraucht, z.B. natierlech Holzfaser fir d'Isolatioun asetzt am Plaz vum Styropor. Dës Bonus soll elo och an eis Subsiden integréiert ginn, bis zu engem **maximum vun 5000€**, jeweils fir d'Isolatioun vun verschiddeenen Deeler vum Haus: Buedem-an Daachisolatioun, a bannen a baussen bei enger Baussemauer.

Et ass eis wichteg, dass Proprietairen vun ganzen Residencen och motivéiert ginn an Sanéierungsmoosnamen ze investéieren fir d'Heizungskäschten vun de Locataire erfzesetzen an hir Liewensqualitéit ze verbessern. Dofir proposéieren mir, dass de jeweilige Maximum fir Investissementer a Méifamiljehäiser jeweils op **10'000€** fixéiert gëtt.

All eis Subsiden am Kader vum Klimapakt sollen wéi gesot bis 2021 ausbezuelt ginn. Wann duerno den Klimapakt, an domadder d'Ënnerstëtzung vum Staat fir d'Gemeng verlängert gëtt, wäerte mir och sécherlech eis Subsiden nees upassen an verlängeren.

Fir de Moment hoffe mir, dass grad ewéi d'lescht Woch bei der Verlängerung vum 200€-Subsid fir Elektrovëloen, dës Proposen och är Ënnerstëtzung fannen.